

wann een en deklaréierte Spender ass an et huet een e Pass an dee Pass ass verfügbar, selbstverständlech net laang doriwwer ze diskutéieren; dann ass de Wëlle vum Patient oder vun deem, dee stierft, ganz kloer.

Aneschters ass et awer bei der Majoritéit vun de Leit, déi kee Spenderpass hunn. Wann déi an d'Situatioun erageroden, da ginn d'Equipë ganz virsiichteg vir a si maa-che sécher net dat, wat een heiansdo kéint fäerten. Wann een dann een huet, dee kee Spenderpass huet an een net deklaréierten, mä en implizite Spender ass, geschitt net dat, wat ee fäert, dass dann direkt d'Messer geholl géif ginn. Neen, do gëtt mat ganz vill Fangerspëtzegefëll de Wëlle vun deem po-tenzielle Spender nogekuckt mat der Famill, mat de Frënn, déi fonnt ginn.

Dat ass also och eng vun den Ursaachen, firwat d'Zuel vun de Spender vläicht net esou grouss ass, well do scho vill Afüh-lungsverméige vun deene Leit bruecht gëtt, déi d'Organer aus dem Kierper eraushue-len.

Firdeen dote Prozess e bëssen ze veränne-ren, wär et selbstverständlech noutwendeg, fir eng Rei vu Moossnamen ze huelen.

Richteg ass et, an ech mengen, dat muss ee bedauern, dass mer als Land an de Statistiken, wat d'Organspenden ugeet, an Europa op leschter Plaz eis erëmfannen...

» **Une voix.** - Trotz deem gudde Gesetz!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Trotz deem gudde Gesetz, an et ass duerfir, dass ech soen, dass et wichteg ass, dass mer eis dorëm këmmen, an dat musse mer och maachen an dat wäerte mer och maachen.

Dass mer bei den Transplantatiounen, och bei deenen, déi am Ausland gemaach ginn, op gudder Positioun sinn, soll net verstop-pen, dass mer bei de Spenden, déi ge-maach ginn, am Defizit sinn, dass mer also méi Organer kréien, wéi mer der ginn. Dat kann à la longue net opgoen. Wa mer an en-gem europäesche System wéi Eurotrans-plant funktionéieren, da mengen ech, ass et wichteg, dass mer ginn a kréien an dass dat wa méiglech den Equilibre plus ou moins duerstellt, wou et awer och kee Feeler ass, wa mer an deem heite Fall méi Organer kéinte bréngen, wéi der transplantéiert ginn.

Mir hunn also festgestallt, dass mer en Defi-zit hunn. Mir hunn, wéi d'Madame Mutsch richteg gesot huet, e Gesetz an der Instruk-tioun, dat d'Konventioun vun Oviedo mat den Zousazprotokoller soll ratifizéieren. Een Element vun där Konventioun vun Oviedo betrëfft och d'Transplantatiounen, betrëfft awer virun allem déi Spenden, déi vu Liewe-gen u Familljememberen oder direkt Prochë gemaach ginn. Dat heescht, an der Konven-tioun gëtt déi Relatioun regléiert tëschent liewege Spender an deene Leit, déi ganz no vun hinne sinn, ob dat elo direkt Famill ass oder ob et aner direkt noweisbar a ganz enk Relatiounen sinn.

Do kommen eng Rei vu Regelungen, déi vläicht déi doten Diskussioun iwwer Trans-plantatiounen vu Liewegen zu Liewege méi thematiséiere wäerten, wat och eppes da sécher um Terrain wäert bewegen.

Bewegung ass och um europäesche Plang. D'Kommissioun ass amgaange sech Ge-danken ze maachen, fir Empfehlungen um europäesche Plang ze maachen, fir de Beräich vun der Organspend a vun der Transplantatioun ze harmoniséieren. Dat ass och eng ganz gutt Saach. Do spillt d'Kommissioun de Katalysator.

Um internationale Plang hu mer ähnlech Evolutiounen, wou d'OMS déi doten Diskus-sioun erëm ukuerbelt, well d'Gesondheets-organisatioun zu darselwechter Konklus-ioun komm ass wéi mir och hei zu Lëtzebu-erg, nämlech dass Organtransplantatiou-nen exzellent Resultater an der Tëschenzäit hunn. Bei verschiddenen Organer phan-tastesch gutt Resultater a bei anere Resul-tater, déi sech dauernd verbesseren.

Iwwer Organtransplantatiounen kann een d'Liewensqualitéit, d'Iwwerlieweschancë vu Patiente ganz substanzéiell verbesseren. Souguer wann ee sech iwwerleet, wat dann elo an engem Gesondheetssystem och méi effikass ass, an ech wëll net d'Käschten an de Vierdergrond stellen, mä wann ech awer kucken, wat ee vu Liewensqualitéit hei vun der Transplantatioun kann erwaarden, an op där anerer Säit kuckt, wann een ënner me-dikamentösem Traitement ass oder wann een Dialyse muss gemaach kréien, wat dat fir en Opwand ass, da kann een och soen, dass a ville Fäll d'Transplantatioun méi effi-zient an allen Hisiichten ass. Ech mengen, dat gëtt ee permanente Facteur an eiser medezinescher Entwécklung an dorop solle mer eis och astellen an eis och dann esou behuelen als Receveur, awer och als poten-zielle Spender.

Da mengen ech, huet den Här Krieps eng ganz Rei vu Froen opgeworf, op déi ech probéieren anzegoen. Déi éischt, déi och vu sämtleche Riedner opgeworf ginn ass, ass, wéi mer eis Reglementatioun iwwert de Ge-hirdoud wëllen adaptéieren op dat, wat um Terrain geschitt.

Un d'Gesetz, mengen ech, brauche mer net ze goen. Dat Gesetz ass och haut nach eent vun deene fortschrëttlechsten an Europa. Mir mussen un d'Exekutioun vum Gesetz drугоen. An do stellt sech eng alleréisch-t Fro: No 23 Joer, wou mer de Gehirdoud de-finéiert hunn deemools mat deene Kennnis-ser, déi mer deemools haten, ass et nout-wendeg, dass mer d'Kritäre fir de Gehir-doud, fir d'Mort cérébrale nei definéieren. Mir hunn am Mäerz, Abrëll 2006 den Optrag ginn un d'Société scientifique vun den Neu-rogen, fir d'Mort cérébrale nei ze definéie-ren. Déi Aufgab ass erfüllt.

An der Zwëschenzäit ass d'Commission consultative nationale d'éthique mat de Pro-positiounen vun der Société scientifique vun den Neurologe befaasst, a mir wäerten an deenen nächste Wochen, Méint och den Avis vun der Commission d'éthique kréien, wat eis et dann erméiglecht, fir déi Adapta-tioun ze maachen, mat engem neie Pheno-meen derbäi, wou ech elo net weess, ob mer dat an deem Reglement kënne regle-mentéieren oder ob mer eng zousätzlech Réglementatioun musse maachen, fir och am Fall wou en Häerzstëllstand ass a wou d'Resultater sech dauernd verbessere kën-nen Organentnahmen ze maachen.

Et ass virdu gesot ginn, dass en anere Vo-let - do komme mer an der Oviedo-Konven-tioun nach eng Kéier drop zrëck - ganz in-teressant schéngt. Dat ass dee wou de Wël-len do ass vu Leit, déi engem nostinn, beispillsweis bei der Nier fir eng Transplan-tatioun oder eng Spend ze maachen un e Familljemember, also vu Liewegen zu Lie-wegen. Dat ass eng Perspektiv, déi sech sécher ergëtt.

Et ass vläicht heiansdo e bësse méi schwie-reg, op deen dote Wee an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg ze goen, mä dofir ass et och interessant fir Synergien ze siche mat europäeschen Zentren, wou dat da vläicht e bësse méi einfach geet a wou och vläicht méi Erfahrung do ass.

An do kommen ech op eng Fro, déi d'Mar-tine Stein opgeworf huet: Jo, selbstver-ständlech sinn och riseg Fortschrëtter ge-maach gi bei deenen aneren Organtrans-plantatiounen, zum Beispill beim Häerz, zum Beispill bei der Liewer, zum Beispill bei der Mëlz, zum Beispill bei de Longen, wou sech Perspektiven erginn.

Ech géif allerdéngs virdu warnen, dass mer hei zu Lëtzebuerg Ambitiounen entwéckele fir bei Transplantatiounen, wou wierklech eng ganz, ganz kleng Zuel awer a Fro kënnt, dass mer eis do sollen ze vill no vir woen. Ech halen et do éischter mat Syner-gien, wou mer ganz gutt kënne si bei méi groussen Zuelen, a wou mer bei Liewer, bei Häerz dann awer léiwer mat aneren Zentren zesummeschaffen. Quitte dass et eise Leit soll dann erlaabt sinn, fir bei esou Trans-plantatiounen eventuell derbäi ze sinn oder fir matzeschaffen.

Dat gëtt nämlech eng Perspektiv, déi mir besonnesch gutt gefält, dass een net nëm-men ëmmer iwwer Servicer diskutéiert, mä dass een och méi an der Zukunft ka vun der Mobilitéit vun Experten tëschent den Haiser diskutéieren. Eppes wou elo zaghaft uge-faange gëtt hei zu Lëtzebuerg driwwer ze diskutéieren, zwëschent deene groussen Zentren, déi sech géigesäiteg wëllen hëlle-fen.

Déi Diskussioun muss ee förderen, well dat bréngt vill méi Qualitéit fir d'Leit, wéi dass een dauernd Servicer décupléiert a sechs-oder siwemol Servicer mécht. Et kann een duerchaus Equipë ronderëmschécken oder hinnen d'Geleeënheet ginn, fir Echangen ze maachen oder sech an eenzelne Beräicher ze spesialiséieren. Ech gesinn also e ganz grousst Potenzial an deem dote Beräich.

Dann zu deene méi prezise Froen - schnell, am Telegrammstil. Richteg, mir mussen d'Leit erëm nei sensibiliséieren, well no 25 Joer dat e bëssen nogelooss huet, déi Be-geeschterung fir iwwert déi doten Thematik ze schwätzen. Also wäerte mer am Hierscht eng Campagne lancéieren; et si Budgets-kreditter fir 2008 ugefrot.

Mir wäerten awer och zesumme mat Euro-transplant probéiere fir déi verschidde Spi-deeler - an da kommen ech och direkt op eng vun den Äntwerten -, déi an deem dote System matmaachen; well et sinn an der Zwëschenzäit eng Rei vun Haiser, déi net selwer dann d'Entnahm maachen, mä déi vun den Equipen, déi Entnahme maachen, ënnerstëtzt ginn. Fir dat ze maachen,

wäerte mer eng Sensibiliséierung zwë-schent den Haiser maachen.

D'Fro, ob déi Moyenen, déi mer investéie-ren, duerginn, ob mer net méi Coordina-teure brauchen, sinn ech ganz frou, dass ech Usätz vun Äntwerten och vun der Chamber hei kréien. Mir wäerten eis Méi ginn, fir budgetär Mëttelen ze schafen, fir d'Zuel vun de Coordinateuren, wa méi Zen-tren intervenéieren, ze verstärken. Net elo fënneg, sechs Coordinateuren, mä mir sinn am Moment bei zwee Véirel. Da kann ee sech duerchaus virstellen, dass een dat progressiv op déi grouss Zentre baséierend nach eng Kéier verduebelt. Da si mer, men-gen ech, an der Rei.

Wéi vill Transplantatiounen? D'Martine Stein huet virdrun d'Zuel genannt. Et sinn 166 Nierentransplantatiounen. Fir déi aner Statistike géif ech de Lex bieden, mer d'Ge-leeënheet...

(**Interruption**)

Jo, Här Mehlen.

» **M. le Président.** - Här Mehlen, den Här Minister huet d'Wuert.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Bah, et mécht ee sech alt esou bemierkbar wéi ee kann!

(**Hilarité**)

Wéi den Interpellant dat suggéiert huet, géif ech dem Interpellant déi Chifferen no-liwweren, soufern se disponibel sinn.

D'Spideeler: Am Prinzip sinn et elo alleguer déi grouss Zentren, déi an deem dote Beräich matmaachen.

D'Formatioun vun Transplantateuren, eng ganz gutt Iddi. Ech mengen, mir maachen am Moment vill Efforten a Saache Formation continue, an do fannt Der am Ministère ëm-mer en oppent Ouer, wann esou Besoinen do sinn, fir weiderzefueren.

Mercantilisme an deem heite Beräich ass falsch op der Plaz. An och wann esou Emis-siounen wéi déi, déi bruecht gi sinn an Holland, jo anscheinend en noblen Zweck haten, fannen ech, dass dat awer mat de Gefiller vun de Leit op eng extrem zweifel-haft Aart a Weis ëmgaangen ass. Ech men-gen, dass een och aneschters ka sensibi-liséieren, an ech mengen déi Diskussioun, déi mer haut an der Chamber hunn, ass eng besser Sensibiliséierung wéi déi iwwer marktschreierisch a maartundeelsorientéiert Televisiounsemissiounen. Ech mengen, mir solle vun esou Saachen d'Fangere loossen.

Ech mengen, ech hätt domat op déi meescht Froe geäntwert. Ausser déi gutt Suggestiounen, dass ee sech beim Spen-derpass oder beim Netspenderpass, jee nodeem wéi een dat dréit, nei Weeër soll afale loossen. Ech hunn déi Suggestioun mat opgehall, dass een dat eventuell iwwer eng Sécurité sociale oder eng zukünfteg Gesondheetskaart ka maachen. Mir hu jo d'Chance, dass 99,9% vun de Lëtzeburger an enger gesetzlecher Krankekeess er-faasst sinn. Do kann ee sech Gedanke maa-chen, wa mer elo jo hoffentlech an deenen nächste Méint et fäerdeg bréngen, fir eng nei fusionéiert Krankekeess opzebauen.

Ech wëll zum Schluss nach eng Kéier Merci soe fir déi gutt Suggestiounen, déi konstruk-tiv Diskussioun an och d'Offer vun der Chamber, fir dësen Dossier och weiderhin ze begleeden. Ech stinn ëmmer bereet, wann ech an där doter Diskussioun ge-braucht ginn.

Villmools Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Ge-sondheitsminister Merci. Mir sinn domat um Enn vun der Interpellatioun a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5448 iwwert d'Uwendung vu mënschlechen Zel-len. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festge-luecht. Et hu sech schonn agedroen: d'Ma-dame Stein, den Här Krieps an den Här Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.



7. 5448 - Projet de loi relatif aux tissus et cellules humains destinés à des applications humaines

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi iwwer mënschlech Zellen an Tissuen ass et wich-teg, direkt aganks kloerzestellen, wat net iw-

wert dëst Gesetz geregelt gëtt, an zwar d'Stammzellefuerschung, d'kënschtlech Be-fruchtung oder den Embryonenschutz. Mä, an dat mécht et net onbedéngt méi einfach, dës ganz wichteg an delikat Beräicher sinn direkt oder indirekt mat betraff an deem heite Gesetz.

D'Direktiv an och dëse Projet de loi regele villméi eng ganz Partie vun techneschen Oplagen a Modalitéiten, déi sollen d'Sécherheet garantéieren, wa mat mënschlechen Zellen an Tissuen hantéiert gëtt.

D'EU-Direktiv léisst awer de Memberstaten d'Fräiheet, fir déi doru gekoppelt a weider-reechend bioethesch Froe selwer an op hir eegen Aart a Weis ze regelen. Bei den Diskussiounen ëm dëse Projet de loi ass et ganz daitlech ginn, dass bei eis am Land dës Froen nach net alleguer beäntwert sinn. Dat hu mer gemierkt an der Chamberskom-missioun. Op dës Froestellungen, déi souwuel de Statsrot wéi och d'Chambers-kommissioun intensiv beschäftegt hunn deemno, wäert ech méi spéit nach eng Kéier kuerz zrëckkommen. Fir d'éischt e puer Explikatiounen iwwert d'Direktiv an de Projet de loi.

D'Transplantatioun vu mënschleche Geweben an Zellen ass prioritär e Secteur vun der Medezin, deen amgaangen ass enorm séier ze wuessen an deen ëmmer méi wichteg gëtt, virun allem am Zesum-menhang mam Traitement vu bis ewell on-heelbare Krankheeten. Et geet vierdergrën-neg dorëms, fir nei Behandlungsméiglech-keeten ze fanne fir neurodegenerativ Krankheeten, wéi Parkinson oder Alzheimer, fir kardiovaskulär Krankheeten oder och bei Verletzunge vun den Nerven am Récke-muerch. Mä och bei Kriibskrankheeten, ën-ner anerem bei Leukämie, kann op Trans-plantatiounen vun Tissuen a Cellulë liewenserhalend zrëckgegraff ginn.

Eng grouss Hoffnung sinn an dëse Fuer-schungsberäicher déi sougenannte Stamm-zellen. Stammzellen hu sech nach net op eng bestëmmten Aufgab am Kierper fest-geluecht. Mat hinne stinn deemno nach all Méiglechkeeten op, a si kënne sech selwer ëmmer erëm erneieren. Esou Stammzelle fënnt een am Muerch vu verschiddene Schanken an an Deeler vun der Nuebelschnouer. Dëse ganze Secteur ass, wéi gesot, amgaange sech staark ze développéieren. Emsou méi wichteg ass et, fir an deem Zesummenhang all méiglech preventiv a begleetend Mesuren ze huelen, fir sech verstärkt fir d'Gesondheet an d'Sécherheet vun der Populatioun anzeset-zen.

Och wann, wéi ech dat schonn aganks gesot hunn, dëse Gesetzesprojet d'Stamm-zellefuerschung net an hirer Gesamtheit regelt, gi mat dësem Projet de loi obliga-toresch Qualitéits- a Sécherheetsstandarde fir den Traitement an d'Handhabung mat allen Zorte vun Zellen a Gewebe fest-geluecht. Dat gëllt souwuel fir d'Kritären, déi ee muss erfüllen, fir iwwerhaupt dierfen Donneur ze sinn, wéi och fir d'Formatioun an d'Qualifikatioun vum Personal, dat an deem Beräich op deenen ënnerschiddlechsten Niveauen inter-venéiert.

Besonnesch wichteg ass an deem Zesum-menhang d'Traçabilitéit vun den Zellen an Tissuen um Wee vum Donneur bis bei de Receveur an och ëmgedréint. Esou bleibt et garantéiert, dass bei eventuelle Komplika-tiounen oder Krankheete ka retracéiert ginn, wou de Problem hierkënnt. Och dat ka liewenserhalend sinn. Wichteg ass et och ervirzestrichen, dass dëse Projet de loi déi essenziell Prinzipië vum fräiwëllegen Don a vun der Gratuitéit vum Don grad ewéi den Anonymat vum Donneur a vum Receveur festschreift.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kéint een nach esou munches elo soen iw-wert déi eenzel technesch Detailer an Dis-positiounen, déi duerch dëse Projet de loi agefouert ginn. Si sinn alleguerten eenzel ganz ausseruerdentlech wichteg, mä ech denken, dass et op dëser Plaz géif ze wäit féieren, fir am Detail op si alleguerten een-zel anzegoen.

D'Avisen zum Projet de loi waren am grouse Ganze ganz positiv. Souwuel de Collège médical wéi och d'Beruffskummere

ware mat der Ausriichtung vum Projet averstanen an haten och keng gréisser Kritiken ze maachen.

De Conseil d'État hat eng Opposition formelle ausgeschwat, wat den Artikel 33 vum Projet de loi ugeet. Deen Artikel sollt verschidden Articlele vum Gesetz vum 25. November 1982 abrogéieren, déi de Prélèvement vun Tissuen an Zelle betreffen. De Conseil d'État huet ënnerstrach, dass déi Démarche inkohärent wär, zum engen, well dat Gesetz vun 1982, notamment wat d'Organspenden ubelaangt, vun der Oviedo-Konventioun an hiren Zousazprotokoller wahrscheinlech adaptéiert gi wäert, an zum aneren, well een hei juristeschen onsécheren Terrain géif begoen. D'Chamberskommissioun huet déi Iwwerleeunge vum Conseil d'État esou iwwerholl an huet deemno den Artikel 33 gestrach. Op déi méi inhaltech Froen a Kritike vum Conseil d'État kommen ech nach zrëck.

Bei de Viraarbechten an Diskussiounen ronderëm dëse Projet sinn nämlech a mengen Ae ganz wichteg Aspekter opgeworf an thematiséiert ginn. Dëse Projet de loi, grad wéi d'Direktiv, déi domadder ëmgesat gëtt, betrëfft nämlech ënner anerem och déi reproduktiv Zellen an embryonal Stammzellen.

Well am Zesummenhang mat dëser Froestellung Sensibilitäten am Spill sinn a sech och eng ganz Rei vun ethesche Froen stellen - et sinn ëmmerhin Zellen aus deenen e Mënsch entsteet oder enstoe kann -, huet d'Regierung eng Serie vun Amendementer agereecht, fir beim Ëmgang mat dësen Zelle spezifesch Dispositiounen a Regele gëllen ze loossen iwwert dëst Gesetz. Zum Beispill kann en Donneur vu reproduktiven Zelle seng Meenung änneren a säin Averstännis, fir dass seng Zelle weider benotzt ginn, zu all Moment zrëckzéien. A wann d'Zelle solle fir een aneren Zweck benotzt ginn, wéi dee firwat se ursprénglech gespent goufen, da muss den Donneur explizit säin Averstännis ginn an och iwwer alles informéiert sinn.

Eng vun dëse spezifesch Dispositiounen besteet ausserdeem doranner, dass d'Basisdonnéeë ronderëm d'Applikatioun vun dësen Zellen op d'mannst 50 Joer laang gehale mussen ginn, an net wéi bei aneren Zellen nëmmen 30 Joer laang. Dat ka wichteg sinn, well verschidde genetesch Krankheeten eréischt no méi wéi 30 Joer ausbrieche kënnen. An hei ass dann op en Neits d'Retraçabilitéit enorm wichteg.

Am Commentaire zu den Amendementer erkläert d'Regierung, dass an dësem Text nëmmen déi grondleeënd Regele kënne festgeluecht ginn a Conformitéit mat der Direktiv. All aner weiderféierend Froen, wat déi reproduktiv Zellen ugeet, wäerten a spezifesch Gesetzter iwwert d'Procréation médicalement assistée an d'Recherche biomédicale geregelt ginn. Zu dësem Zäitpunkt huet Lëtzebuerg dës Gesetzter also nach net.

Am Zesummenhang mat dësem Projet de loi, deen eis also haut beschäftegt, heescht dat, dass fir d'Stammzellefuerschung elo wuel eng ganz Rei vu wichtige elementaren techneschen Detailer geregelt sinn, net awer grondleeënd Froen ronderëm déi zukünfteg Ausriichtung vum Land, wat den Ëmgang mat dësem wichtige Fuerschungsberäich ugeet, zum Beispill d'Fro, ob mer wëlles hunn, ronderëm dëse Fuerschungsberäich e bestëmmtene Secteur hei am Land weiderzedéveloppéieren.

Just kuerz, fir ze verdäitlechen ëm wat et geet, nämlech ëm wichteg ethesch a gesellschaftlech Choixen, déi net esou einfach ze treffen sinn. Fir d'Leit dobause falen déi Choixen wahrscheinlech ganz verschidden aus, jee nodeem a wéi enger Liewenssituatioun si selwer sinn oder mat wéi enge Liewensëmstänn se konfrontéiert sinn. Munch Leit denke vläicht a priori, dass et net ongeféierlech ass, mat embryonale Stammzellen ze experimentéieren, mä wann een eng Persoun am Entourage huet, déi eng bis haut onheelbar Krankheet huet, da setzt een onheemlech Hoffnungen an Erwaardungen an d'Biomedezin an dann ass ee meeschtens och bereet, sech mat dësem zukunftschrächtege Beräich ausenanerzesetzen, Ouverturen zougestoen a sech ze froen, wéi eng Fortschrëtter domadder verbonne sinn, notamment wat d'Heele vu bis haut onheelbare Krankheeten ubelaangt.

Och am Beräich vun der Procréation médicalement assistée sinn nach eng ganz Rei vu Froen ze klären. Wien dierf, wie kann dovunner profitéieren? Wéi vill Eezellen dierfe bei enger Kéier befrucht ginn? Wéi vill dierfen der ageplanzt ginn? Dierfe Choixen gemaach ginn, a wa jo, no wéi enge Kritären? Wat geschitt mat de befruchteten Eezellen, déi net gebraucht goufen? A wéi engem Fall ass en Don erlaabt? A wat priméiert an deem Fall, d'Anonymitéit vum Spender oder d'Recht vum deem zukünftege Kand, fir seng biologesch Eltere kennenzeléieren an domadder seng Originen ze retracéieren?

Dat si ganz interessant Froen, déi an deem Sënn nach net gekläert sinn, an och op europäeschem Plang nach net gekläert sinn. Si sinn op alle Fall net einfach, well eis Nopeschlänner hunn zwar zum Deel scho gesetzlech Regelungen, wou si oft ganz ënnerschiddlech Positiounen vertrieeden, mä vill vun hinne sinn amgaangen dës Gesetzter ze evaluéieren, hir Positiounen nei ze iwwerdenken an hir Regelunge gegebenensfalls ze iwwerschaffen. Woumat mir eis wäerten ze beschäftege kréien, well dat interesséiert eis jo fir eis mat den Erfahrungswäerter vun eisen Nopeschlänner ausenanerzesetzen.

An deenen nächste Méint wäerten also regelméisseg bioethesch Froen um Ordre du jour vun der Gesondheetskommisioun stoen. Et stinn och nach eng ganz Rei vu Projeten un, wou et och grad dorëms geet. Ech denken do un de Projet de loi 5552 iwwert d'Recherche biomédicale - Dir hutt et hei scho gesot -, an och un de Projet de loi 5528 iwwert d'Oviedo-Konventioun an hir dräi Zousazprotokollen. Dat ass déi berühmte Konventioun, déi eis jo och scho beschäftegt huet am Zesummenhang mat den Organtransplantatiounen, déi och mat do thematiséiert gëtt.

Bei dësem Ofkommen vum Conseil de l'Europe geet et drëms, fir d'Mënscherechter an d'mënschlech Dignitéit ze schützen am Zesummenhang mat der Biologie an der Medezin. Fir eis als Kommisioun war et wichteg, déi scho bestoend Aktivitéiten a Saache Procréation médicalement assistée - ech misst PMA soen, da géif ech et vläicht erauskréien - a Stammzellefuerschung bei eis am Land am Milieu hospitalier an och am CRP Santé - et gëtt se also schonn - net ze ignoréieren an dëst Gesetz haut schonn als wäertvollt Instrument ze notzen, fir elementar Handhabungs- a Sécherheetsbestëmmungen am Ëmgang ebe mat reproduktiven Zellen an embryonale Stammzellen anzeféieren. Wat eben erkläert, firwat dës schonn an dësem Projet de loi integréiert sinn.

De Conseil d'État hat a sengem Avis vun der proposéierter Démarche fir méi spezifesch Kritären, fir reproduktiv an embryonal Stammzelle festzeleeën, ofgeroden a recommandéiert, fir sech strikt un d'Basisëmsetzung vun der Direktiv ze halen. D'Chamberskommissioun ass aus deene genannte Grënn net op dee Wee gaangen. En attendant, dass mer déi spezifesch Gesetzter esou schnell wéi méiglech kréien, wollte mer elo schonn aktiv ginn a weiderreechende Beräicher, déi, wéi gesot, haut schonn eng Realitéit sinn, och bei eis am Land.

D'Kommisioun deelt awer ausdrécklech d'Meenung vum Statsrot an der Commission nationale d'éthique, dass déi Gesetzter, déi d'Froestellung ronderëm déi genannte Beräicher vun der Procréation médicalement assistée, der Stammzellefuerschung an dem Embryoneschutz an hirer Gesamtheit regelen, esou schnell wéi méiglech sollte virleien. De Gesondheetsminister huet eis schonns deementspriedchend Zousécherungen an der Kommisioun gemaach, wat mir nëmme begreisse kënnen.

Ofschléissend wëll ech Merci fir d'Opmierksamkeit soen a virun allem den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi mat op de Wee ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Rapportrice Merci fir hire Rapport. Als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Stein-Mergen agedroen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, gradesou wéi d'Blutt e ganz besonnesche Saaft ass, wéi de Mephisto zum Faust gesot hat, esou ass déi mënschlech Zell eng ganz besonnesch Zell, an déi Zellensembelen, déi mer Tissu nennen, also Zelle vun där nämlecher Famill, sinn och ganz besonnesch Tissuen, op d'mannst jiddedfalls fir ons aner Mënschen.

Dat sollte mer an der Diskussioun vun dësem Gesetz, mä awer och vun deenen aneren, déi d'Madame Rapportrice schonn ugeschwat huet an déi mer hoffentlech geschwënn hei och wäerten ze stëmme kréien, berücksichtegen, nämlech d'Ratifikatioun vun der Oviedo-Konventioun iwwert d'Mënscherechter an d'Dignitéit vum Mënsch an dat iwwert d'Recherche biomédicale.

Wéi d'Madame Rapportrice zoutreffend gesot huet, an ech wëll hir selbstverständlech am Numm vun onser Fraktioun villmools Merci soe fir hiren ausféierlechen a feinfühlege Rapport zu dësem Projet, ass dat heiten en eminent technesch Gesetz: Et geet ëm de Kader, iwwert dat, wat een elo an Zukunft dierf mat dësen Zellen an dësen Tissuë maachen, a wat net.

Et ass eigentlech de Progrès vun der Medezin, deen ons dozou bréngt, iwwert dës Prozeduren nozedenken. D'Grenze vun der Wëssenschaft bewege sech dauernd, a villes, wat fréier Science-Fiction war, réckelt ëmmer méi no an d'Realitéit. Dëse Fortschrëtter leeft d'Législatioun e bëssen hannendrun. Wat wëssenschaftlech méiglech ass, wat elo scho realisierbar ass oder wier, gëllt et fir ons Politiker ze analyséieren an ze verfolgegen, well mir am Numm vun der Ethik opgefuert sinn, eng kloer Gesetzgebung ofzeginn, Grenzen a Regeln ze setze fir déi praktesch Applikatioun vun den Entdeckungen an techneschen Errongenschaften.

D'Wëssenschaft selwer huet keng Moral a setzt sech och keng Grenzen. Mä d'Chercheure sollten awer béides hunn. Fir de Fall, wou dat net de Fall wier a wou d'Recherche net an deem Sënn ugewannt géif ginn, dem Mënsch a sengem Ëmfeld vu maximalem Notzen ze sinn, do musse Gesetzter existéieren, déi ons virun den Auswüchse schützen. Mir dierfen och net vergiessen, dass ee mat verschiddenen Entdeckungen an Therapië ka ganz vill Geld verdéngen. Or dierf d'mënschlech Zell als Dréier vum Ierfgutt hei net zur Dispositioun stoen. Dofir sinn esou Gesetzter wéi dat heiten esou wichteg.

D'Wëssenschaft geet lafend virun, an dat op globalem Plang. Mir aner musse probéieren, si an onse gesellschaftspolitesche Kader ze setzen. Mir hunn als Ënnerstëtzung dofir eng national Ethikskommisioun, déi och, wéi esou oft, zu dësem Projet e poignanten a realistesch Avis ofgeliiwwert huet.

D'Décisioun awer, déi kann och si ons an dësen Thematiken net final ofhuelen. Mir sinn also als Deputéierten, als Partei, gefuert, kloer Positiounen ze bezéien, Grenzen ze setzen tëschent deem, wat dem Mënsch an där Gesellschaft, déi mer jo solle matgestalten, bénéfique ass, an deem, wat déi mënschlech Dignitéit, déi allgemeng Moralvirstellungen, de Respekt vun den Traditiounen a Reliounen schockéiert. A mat Vue awer och op déi Méiglechkeeten, déi sech der Recherche hei an onsem Land kënnen opmaachen, souwéi och senger ekonomescher Entwécklung.

Verzeiht mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës klengen Exkurs. Ech wollt eigentlech am Ufank kloerstellen, dass et Zäit fir ons alleguerten ass, ze erkennen, wat hei an an deenen nächste puer Joer um Spill steet, dass mer wäerten d'Jalone setze fir e ganz groussen Deel vun der Zukunft vun onsem Land a wéi d'Gesellschaft sech wäert entwéckelen.

Wat mer haut hei stëmme, ass iwwregens och schonn deelweis vun der Wierklechkeet iwwerholl. E wichteg Fait vun dësem Gesetz ass ënner anerem deen - d'Madame Mutsch ass schonn dorobber agaangen -, dass mer d'Keimzellen an dësse Projet mat erageholl hunn. Dat ass och an där entspriedchender ëmzesetzender Direktiv duerschau enthalten. Et gëtt och eng Rei praktesch Argumenter, fir esou virzegoen.

Et ass nämlech real esou, dass hei zu Lëtzebuerg scho säit dem 17. Mäerz 2005 e Service de Procréation médicalement assistée fonctionnéiert - ech wäert en dann an Zukunft PMA nennen, dat ass wierklech méi einfach -, an dat op Basis vum Règlement interne vun engem Spidol. Dëse Règlement interne inspiréiert sech largement a Législatiounen, déi an onsem noen Ausland existéieren. Déi Regele si strikt a genee.

De Service, esou wéi en am Moment fonctionnéiert, brauch och nëmmen a ganz weinigen Ausnahmefäll op en Don des tissus an des cellules zrëckzegräifen, well d'Sterilitäten hu jo vill Ursaachen, an et gëtt haut eng ganz Rei vu Méiglechkeeten, de Koppelen och ouni hétérologuen Don ze hëllefen. Et ginn och bei ons, oder soll ech soen, nach, keng Don-d'ovulen oder Don-d'embryoné praktikéiert.

Dëst Gesetz setzt awer, fir de Fall, dass et deemnächst an engem Gesetz iwwert d'PMA géif méiglech ginn, déi technesch Jalonen. Et ginn awer hei zu Lëtzebuerg bei de männleche Sterilitäten - dat sinn ongeféier 25% vum Sterilitäten an der Koppel, déi een och mat techneschen Hëllefsmëttelen net kann op eng Qualitéit bréngen, eng Schwangerschaft ze produzéieren - och In-vitro-Befruchtungen mat Sperme vun Donneuren praktikéiert. Dësse Sperme kënnt natierlech net vun hei, mä vun auslännesche Banken; an dësem Fall aus Dänemark. Et ass, wéi gesot, rar, dass ee muss op dës Prozedur zrëckgräifen.

Mä et gëtt en fait dësse Moment fënnef Kanner hei zu Lëtzebuerg, déi iwwert dräi Schwangerschaften mat Don de sperme hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn. Dat sinn also kleng Mënschen, déi ouni gesetzlech Grondlag awer Dag fir Dag an hoffentlech gär ënner ons liewen. Et ass also héich Zäit, dass mer hei Neel mat Käpp maachen.

Déi Equipe, déi an deem Service schafft, ass super motivéiert. Si huet och grouse Succès, well d'Famillje sech net mussen x-mol an d'Ausland déplacéieren, fir dass hinne ka gehollef ginn, hire Kannerwonsch ze realiséieren. Mä si schaffen, wéi och eng Rei vun anere Fuerscher an onsem Land, e bëssen ouni Netz an dueble Buedem. Ech géif also am Numm vun der CSV-Fraktioun onse Gesondheetsminister encouragéieren, net hei op hallwem Wee stoen ze bleiwen an drun ze schaffen, dass mer deemnächst och e Projet iwwert d'PMA virleien hunn.

(Interruption)

D'PMA ass natierlech nëmmen eng Applikatioun vun dësem Gesetz. Et gëtt eng Rei aner praktescher, déi bei ons technesch machbar sinn - d'Madame Rapportrice ass schonn dorobber agaangen -, déi och zum Deel schonn an enger gewësser Form duerghefouert ginn an déi dréngend eng Regelung brauchen. Et kann een hei vum Greffe vum Knachemuerch schwätzen, wat bei verschidde Kriibsformen, haaptsächlech bei Kanner, iwwer Liewen an Doud kann décidéieren. Mir kënnen och schwätze vun engem méi neien Domän, nämlech dem Don vu Knachemuerchzelle fir Leit, déi eng koronar Häerzkrankheet hunn, déi sollen ze enger Regeneratioun vun de kranke Gefäßer féieren.

Hei hate mer zu Lëtzebuerg schonn eenzel Projekte lafen, mä net mat Allogreffen. Dat heescht, net mat Knachemuerch vu frieme Leit, mä mat Leit hirem eegene Knachemuerch. Et ass awer de Moment esou, dass dës Projekte fale gelooss gi sinn, well se bis elo net dee Succès bruecht hunn, dee se eventuell hätte solle bréngen, an et ass een erëm zrëckgaangen op d'Grundlagefuerschung.

Fundamental gëtt ons dëst Gesetz eng gewësse Sécherheet, Regeln a Kritäre wéi esou Manipulatiounen ze handhabe sinn. Mir kënnen ons virstellen, dass d'Gesetz an Zukunft mat de Fortschrëtter vun der medezinescher Fuerschung an de Spideeler an an de CRPen och hei bei ons nach méi wichteg wäert ginn.

Iwwert den Detail vun dëse Regeln huet d'Madame Rapportrice ons ausféierlech informéiert. Ech wëll duerfir och net méi drop agoen, wat d'Registréierung, d'Autoriséierung vun den Etablissements, d'Traçabilitéit, d'Notificatioun vun Incidenten, wichteg Informatiounen an den Accord vun Donneuren a Receveuren, d'Gratuitéit vum Don ugeet. Dat sinn all déi Domänen, wou mer haut Jalone setze fir d'Zukunft.

Zum Schluss wëll ech résuméieren, dass d'CSV-Fraktioun frou ass, dass aus all deenen Ursaachen, déi mir elo schonn zu zwee ernimmt hunn, dëst Gesetz haut ka gestëmmt ginn, dass all déi Fuerscher a Kliniken, déi schonns haut an dësen Domäne schaffen, eng gewësse Basis kréien, an dass onst Land op dës Aart a Weis och eng Dier kann opmaache fir den Accès zu enger moderner Bio-, a firwat net pharmazeutescher Industrie.

Mir wëllen awer betounen, dass mer de Minister encouragéieren, déi nach ausstehend Gesetzter ze pousséieren, notamment dat iwwert d'Recherche biomédicale an d'Ratifikatioun vun der Konventioun vun Oviedo, an en och nach eemol dorun erënneren, dass mer e Gesetz brauchen iwwert d'PMA.

Ech mengen, mat all dëse Gesetzter kënne mer och nach eng Kéier de Problem vun der Transplantatioun, dee mer virdrun ugeschwat hunn an deen ähnlech ethesch Problemer opweist wéi deen elo ugeschwat, mat opgräifen.

Ech ginn heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetz a soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.**- Ech soen der Madame Stein Merci. Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Alexandre Krieps (DP).**- Merci, Här President. Ech wollt drun erënneren, dass en Deel vun dësem Gesetzesprojet entstanen ass duerch en europäeschen Ethiksgrupp an dass dee véier Imperativer hat:

Den éischten Imperativ war eben en etheschen Imperativ weinst der Sécurité sanitaire, fir d'Vermeide vum Iwwerdroe vu Krankheeten. Deen zweete war eng ganz wichteg Saach, an zwar d'Intégritéit vum mënschleche Kierper, de Respekt vis-à-vis vum mënschleche Kierper, ob en elo lieweg oder dout ass. En drëtte war de Consentement préalable, libre et éclairé. An e véierte war d'Protektioun vun der Identitéit, dat heescht, wat d'Anonymitéit vum Donneur a vum Receveur garantéiert huet - dat, fir eben Diskriminatiounen ze vermeiden.

Ech wollt net ze vill op technesch Detailer vun deem Gesetz hei agoen. D'Madame Mutsch ass ze felicitàiere fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport iwwert dës Gesetzesvirlag.

Ech bedauere wuel wéi aner Institutiounen, dass mer verschidden Texter hei erausge-looss hunn, notamment - et ass gesot gi vun de Virriedner - Organspender a Stammzellen, embryonal Stammzellen. Sait dëser Direktiv vun 2004 sinn am nämlechte Feld schonn zwou nei Direktive geholl ginn als Complément. Ech war och frou, a mir hunn och an der Kommissioun dem Minister seng Erklärunge verstanen, well e gesot huet, hei misst Damp hannert dës Ëmsetzung gemaach ginn. Ech hoffen, dass déi nächst zwou séier nokommen.

Dat Gesetz hei gétt haaptsächlech de Familljen e bësse Berouegung, dass zum Beispill - dat ass net spezifizéiert an eiser Virlag hei - no Autopsië keng, speziell bei Kanner, Tissuë kënnen zrëckgehalen ginn. Dat ass nämlech och gesécher. Et gi Sanktiounen agefouert, wann ee sech net un dem Minister seng Bestëmmungen hält. An et gétt och duerch déi hei Gesetzgebungen zimlech schwierig, esou Ausstellungen ze maache wéi dem Här Gunther von Hagens seng Kierperwelten, wat jo och e bësse ruckelzeg war virun e puer Joer.

Et gétt och Bestëmmungen an dëse Gesetzgebungen, déi géint den ADN-Déifstal virginn - dat ass eng Notioun, déi ëmmer méi opkënnt, den ADN-Déifstal -, well de Gebrauch an de Stockage vun Human- a Gewebezelle vum Liewege geregelt ginn.

D'Definitioun vun Humanzellen a -gewebe ass breet gefaasst, esou dass ënner Ëmstänn souguer eng Stullanalys oder eng Urinproov ënnert dës Bestëmmunge fale kéinten. Do wär et interessant ze wëssen, wéi dat an nächster Zäit virugeet.

Verschidde Prouwen och bei Sportsleit kéinten duerch déi hei Gesetzgebung Impakter kréien. Aner Ausnahme gi gemaach bei polizeilechen Ënnersichungen an esou. Mä op alle Fall, d'Gewebe beim Liewegen, wat prélevéiert gétt, kann ee Problem an der Recherche duerstellen, wa vum Patient keng prälabel Awëllegung besteet.

Et gétt interessant fir ons Chercheuren an enger zweeter Phas, haaptsächlech an der klinischer a fundamentaler Recherche. D'Genomrevolutioun erlaabt et nämlech, re- toaktiv Krankheetsbiller anzeklasséieren, nei anzestufen, och nach bei Patienten, déi nach liewen. Et wär also ubruecht fir all Patient, virun enger Prozedur eng Awëllegung ze ginn. E muss se net all Kéiers maachen, mä e soll se ee fir allemol ginn.

D'Recherche mat anonymiséierten Echantillonë misst kënnen gemaach gi mam Accord vun engem Ethikscmité, ouni dass een ze vill an d'Bürokratie verfält, well nämlech soss d'Chercheuren e Problem hunn, nom Motto: Wann am Zweifel, da maache si déi Recherche net.

Also, Ethikscmitéë kréien an Zukunft net nëmmen d'Aufgab, fir ze befannen, ob d'Recherche ethesch ass, mä och ob se legal ass. Interessant ass och do ze gesinn, dass déi aner europäesch Länner verschidde vun dësen Direktiven erëm net am Eent-zu-eent-Prozess ëmgësat hunn. D'Britten hu se agefügt a ganz aner Domänen eben iwwert d'Organspender an aner Prozeduren.

E gutt Beispill hei zu dëser Gesetzgebung ass den Nobelpräis vun 2005, deem un zwee Australier gaangen ass. Ech weess net, ob se gutt Rugby gespillt hunn, op alle Fall an der Medezin ware se staark. Haaptsächlech ee vun deene war nach Medezinstudent, well en op 100 Mabiopsien, archivéierte Mabiopsien nom faméisene Helicobacter pylori gesicht huet, wou de Mann

da schlussendlech Recht behalen huet a wou en 20, 30 Joer...

» **Une voix.**- ...zéng Joer bekämpft ginn ass...

(Interruption)

» **M. Alexandre Krieps (DP).**- Jo, neen, dat ass vun der Industrie.

Mä dës Entdeckung huet dausende Liewe gerett an och zegdausend Leiden er-träglech gemaach. Et freet ee sech hei, ob déi Recherche hautdësdags nach méiglech wär, speziell wou bei deenen 100 Mabiopsië keng Awëllegung virlooch; en hat och keng Sue kritt; en hat keen „peer review“ an en hat och natierlech kee Risiko fir de Patient, well déi meescht vun hinne ware schonn dout.

Mä ech mengen, d'DP bedauert also hei, genau wéi aner Institutiounen, dass mer leider dat hei Gesetz net an e méi breet Bioethiksgesetz konnten afügen, wat hei am Ländche feelt. Mir bedauern och ausdrécklech, dass d'Recherche op den embryonale Stammzellen hei am Land nach ëmmer ausgeklamert gétt, trotz widderhuelten Opfuerderunge vun eise Grupp, not-amment vun eise President, dee mindestens dräi Interpellatiounen oder Froe gestallt huet.

Duerfir gleewen ech, Här President, dass mer lech hei eng Resolutioun vun eise Grupp sollten iwwerginn, deem d'Chamber opfuert, fir d'Gesetzer iwwert d'Konventioun vun Oviedo - loosse mer net vergies-sen, dass déi schonn zéng Joer al an nach ëmmer net ëmgësat ass - an och dat iwwert d'Recherche biomédicale ze amendéieren, fir d'embryonal Stammzellen dranzesetzen.

Ech wär frou, wann d'Chamber sech mat deem Problem speziell befaasse géif. Ob-schonn ech de Minister Di Bartolomeo ganz gären hunn, hunn ech relativ wéineg Vertrauen an eis Regierung,...

(Interruption)

...an duerfir proposéieren ech, dass ons Chamber sech deem do Problem soll un-huelen, an net d'Regierung.

Résolution

La Chambre des Députés, considérant

- la Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine signée à Oviedo en 1997 prévoyant qu'il appartient à chaque pays de décider d'autoriser ou non la recherche sur les cellules embryonnaires humaines;

- les potentialités de la thérapie par cellules embryonnaires humaines;

- le fait que la Commission européenne a rappelé la nécessité d'une recherche européenne sur les cellules souches y comprises embryonnaires;

- la décision de l'Union européenne de soutenir la recherche sur certaines lignées de cellules souches embryonnaires;

- l'avis 2002.3 intitulé «La recherche sur les embryons (I) Les cellules souches et le clonage thérapeutique» de la Commission Consultative Nationale d'Éthique pour les Sciences de la Vie et de la Santé (C.N.E.) qui estime qu'à côté des études in vitro et sur l'animal, une partie non négligeable des travaux de recherche nécessaires devra être réalisée sur du matériel humain: les cellules souches adultes mais aussi les cellules souches embryonnaires;

- l'avis 2003.1 de la C.N.E. intitulé «La recherche sur les embryons»;

- qu'une forte majorité des membres de la C.N.E. préconise que les embryons surnuméraires non revendiqués dans un projet parental devraient être consacrés à des recherches à visée thérapeutique et que des recherches fondamentales et appliquées soient menées sur des cellules souches embryonnaires;

- la potentialité de ces méthodes biotechnologiques pour l'Université du Luxembourg et les Centres de recherche publics;

- le refus catégorique et unanime de tout clonage reproductif;

- la directive 2004/23/CE du Parlement européen et du Conseil du 31 mars 2004 relative à l'établissement de normes de qualité et de sécurité pour le don, l'obtention, le contrôle, la transformation, la conservation, le stockage et la distribution des tissus et cellules humains qui s'applique aux cellules germinatives, aux cellules souches embryonnaires et aux gamètes;

- le projet de loi 5528 portant approbation - de la Convention pour la protection des droits de l'Homme et de la dignité de l'être humain à l'égard des applications de la biologie et de la médecine: Convention sur les

droits de l'Homme et la biomédecine, ouverte à la signature, à Oviedo, le 4 avril 1997 - du Protocole additionnel à la Convention pour la protection des droits de l'Homme et de la dignité de l'être humain à l'égard des applications de la biologie et de la médecine, portant interdiction du clonage d'êtres humains, ouvert à la signature, à Paris, le 12 janvier 1998 - du Protocole additionnel à la Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine relatif à la transplantation d'organes et de tissus d'origine humaine, ouvert à la signature, à Strasbourg, le 24 janvier 2002 - du Protocole additionnel à la Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine, relatif à la recherche biomédicale, ouvert à la signature, à Strasbourg, le 25 janvier 2005 et modifiant la loi du 25 novembre 1982 réglant le prélèvement de substances d'origine humaine;

- que l'article 6 du projet de loi 5528 stipule que sont interdites toute recherche sur les embryons humains in vitro ainsi que toute constitution d'embryons humains aux fins de recherche;

- que l'article 16 du projet de loi 5552 relatif à la recherche biomédicale stipule que sont interdites la constitution d'embryons humains aux fins de recherche ainsi que la recherche sur les embryons in vitro;

- que certains membres du Collège médical ont relevé que cette recherche ne devrait pas être interdite sans délai par la loi, vu que cette interdiction constituerait pour l'avenir une entrave sérieuse à la recherche biomédicale qui prend de plus en plus d'importance dans le pays et pour l'intérêt du pays et qu'un développement ultérieur même transfrontalier serait donc impossible;

décide

- d'amender le projet de loi 5528 et le projet de loi 5552 en vue de lever l'interdiction de toute recherche par cellules embryonnaires humaines à finalité thérapeutique.

(s.) Alexandre Krieps, Anne Brasseur, Charles Goerens, Claude Meisch, Carlo Wagner.

Mir gleewen - et bleiwen ons an dësem Jorhonnert nach 92 Joer, fir den Iwwergang an d'22. Jorhonnert ze schaffen -, dass bis dann déi do Recherche an der Gesetzgebung virgesinn ass.

Mir wësse wuel, dass d'embryonal Stammzellefuerschung an dësem Land nach keng lokal Implantatioun huet, mä dat wëllt net heeschen, dass déi Situatioun an deem Feld sech net ganz séier änneren kann.

Et ass kloer, dass eis Fraktioun - d'DP - dësem Gesetzesvorschlag hir Zoustëmmung gétt, an ech soen lech villmools Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- An ech soen dem Här Krieps Merci an als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Ech wëll ufänke mat engem Merci och un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi eng ganz gutt Duerstellung dovunner gemaach huet, wourëmmer et bei dësem Projet de loi 5448 geet a wourëmmer et net geet.

Et geet hei ëm d'Ëmsetze vun der europäescher Direktiv 2004/23/CE iwwer d'medizinesch Applikatioun vu mënschlechen Zellen an Tissuen. Well et just ëm d'Ëmsetze vun dëser europäescher Direktiv geet, wäerte mir Gréng trotz enger Rei vu kritesche Remarquen hannenno eisen Accord ginn.

Et geet bei dësem Projet hei, an dat ass jo scho gesot ginn, net ëm eng Entscheedung iwwer gesellschaftspolitesch an ethesch ëmstridde Froen, ëm den Asaz an d'Fuerschung oder d'Applikatioun zum Beispill vun embryonale Stammzellen oder dem Verbuert dervun. Dëse Projet bleift, wéi et de Comité national d'Éthique ervirhieft, neutral vis-à-vis vun esou bioethesche Choixen, wéi de Stammzellen oder wéi zum Beispill der Procréation médicalement assistée.

Et geet hei just ëm Qualitéitsnormen a Sécherheetsnormen, wat den Don vun Zellen an Tissuë betrëfft, d'Gewannung dovun, d'Kontroll, d'Transformatioun, d'Lagerung, d'Verdeelung an esou virun.

Als Gréng si mir allerdéngs der Meenung mam Comité national d'Éthique, dass mer ganz dréngend e gesellschaftlechen Débat iwwert d'Problematik vun der Procréation médicalement assistée an iwwert d'Stammzelleproblematik géife brauchen, verbonne mat enger Gesetzgebung a Saache Bioethik. Virun allem och well et jo schonn an der Praxis vum CRP-Santé a CHL d'Fuerschung op enger Rei vu Gebidder gétt.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Stammzellefuerschung an d'kënschtlech Befruchtung leien am Beräich vun der kurativer, vun der sougenannter reparativer Medezin an et ass evident, dass och mir Gréng dës Orientéierung kennen ënnerstëtzen. Wann doriwwer kranke Leit ka gehollef ginn, dann ass dëst fir déi Betraffe ganz sécher absolut wichteg, da kann am Eenzelfall vill mënschlecht Leed verhënnert ginn. Wann zum Beispill am Fall vun der Procréation médicalement assistée de Kannerwonsch vun enger Koppel endlech kann an Erfëllung goen, esou ass dat sécherlech fir dës Leit eng gréisser Freed.

Wann et sollt iwwert d'Stammzellefuerschung a fënnef, zéng oder 15 Joer méiglech ginn, Zellen an Tissuen ze regeneréieren oder nei Organer eruwuessen ze loossen, da kéint dat sécherlech revolutionär Neierungen a Verbesserungen an der Medezin an am Gesondheitswiesen am Intérêt vun de kranke Leit mat sech bréngen. Ech soen „wann“ an ech soen „kéint“, well ob dat esou schnell an der konkreter medezinescher Praxis de Fall wäert sinn, do bleiwe munch Zweifel erlaabt. A mer mussen oppassen, dass een do schwéierst kranke Leit net allze vill falsch Hoffnungen mécht, dass schonn d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer iwwer Stammzellentherapien hir aussichtslos Situatiounen kéinte geheelt ginn.

Duerfir bleiwen ech och e wéineg skeptesch par rapport zu eenzelne Sätz aus dem Rapport vun eiser Rapportrice, dee soss awer e ganz gudde Rapport ass, wann zum Beispill gesot gétt, déi nei Stammzellemedezin géif grouss Méiglechkeeten opmaache fir den Traitement vu bis haut onheelbare Krankheeten am Beräich vu kardiovaskulären oder vun neurodegenerativen Erkrankungen, wéi Parkinson, Multiple Sklerose, Alzheimer, ALS an esou virun.

Schéi wier et, wann dat scho kuerz- bis mëttelfristeg méiglech wier, an dofir sollt een déi Fuerschung natierlech och ënnerstëtzen. Mä meng Skepsis berout e wéineg op der Erfahrung mat enger anerer Therapie, déi vu virun zéng bis 15 Joer als nei medezinesch Wonnerwaff propagéiert gouf, nämlech der Genterapie. Wa mer éierlech sinn, da muss een haut, zéng, 15 Joer no deene Wonnerverspriedungen, zouginn, dass dat an der Praxis alles net esou einfach war an dass et op jidde Fall ëmmer vill méi laang dauert, bis aus Wonnerversprieden da wirklech laang duerno et zu éischte bescheidenen Therapieerfolger kënnt.

Duerfir bleiwe mir Gréng der Meenung, dass bei esou gravéierenden Erkrankungen net nëmmen - ech betounen, net nëmmen - gefuerscht a gesicht soll ginn no neien Therapien, Genterapie oder elo Stammzellefuerschung an -therapie, mä dass d'Medeziner an d'Wëssenschaft sech endlech och méi Gedanke misste maachen iwwert d'Ur-saachen an iwwert d'Preventioun vun esou Erkrankungen, wat ech virdru scho bei menger Question avec débat iwwer Hyperaktivitéit hei gesot hunn.

» **M. Robert Mehlen (ADR).**- Ganz richtig!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Beispill - mir hunn dat virdun hei ugeschwat an et muss een dat ganz kloer gesinn -, d'pharmazeutesch Industrie, déi dee gréissten Deel vun der Fuerschung weltwäit bedreift, déi ass un Ursachefuerschung an u Preventioun vu Krankheeten evidentement iwwerhaupt net interesséiert, well hire Business doranner besteet, iwwer e maximal gesteigerte Pëlleverkaf hir Aktionären ze beglécken.

Mä eng onofhängeg öffentlech medezinesch Fuerschung misst dach awer och un der Fro interesséiert sinn - ech betounen, och un der Fro -, wouduerjer zum Beispill Parkinson entsteet, firwat zum Beispill all Joer ronn 1 bis 2% méi Kanner an den Industriestate Kriibs, virun allem Leukämie kréien. Oder firwat zum Beispill och an Europa, an den USA a bei eis ronn 15% vu jonke Koppele keng Kanner méi kënnen kréien an dofir iwwerhaupt eréischt op eng Procréation médicalement assistée uge-wise sinn.

Zënter mindestens zéng Joer huet zum Beispill eng onofhängeg universitär - an ëmweltmedezinesch Fuerschung no-

gewisen, datt den absolute Risikofaktor bei Parkinson den Asaz vu Pestiziden a Landwirtschaft an a Wäibau ass, mä och doheem am Haus an am Gaart ronderëm, wou Leit esou Saachen asetzen. Nach eng rezent Etüd, a villen europäesche Länner duerchgefuerten Etüd, huet dësen Zesummenhang kloer erginn. An a munche Fäll, huet déi Etüd gesot, ass och eng laangjäreg Expositioun am Niddregdosisberäich par rapport zu verschiddene Metaller, Schwéiermetaller wéi Mangan, Eisen oder Quecksëlwer, dorunner mat implizéiert.

Well dat esou ass, misst et dann net endlech am Sënn vu Preventioun vu Parkinson och zu drasteschen Aschränkunge beim Pestizidasaz an dem chronesch Kontakt zu Schwéiermetaller kommen? Oder d'Beispill vun der Procréation médicalement assistée. Wéini gëtt dann endlech konkret preventiv gehandelt, fir déi Chemikalien, virun allem déi sougenannten hormonell wierksam Chemikalien, déi sougenannten Endocrine disruptors, vum Marché ze huelen?

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat an dësem Kontext viru 14 Deeg am Conseil de l'Europe am Kader vun enger Audition d'experts de Professer Charles Sultan vum CHU vu Montpellier invitéiert, deen do op eng onmëssverständlech Aart a Weis higewisen huet op d'Reproduktiounsschwieregkeeten an op Mëssbildungen a Feelentwécklung vum Embryo opgrond haaptsächlech vu Pestiziden an Industriechemikalien, wéi PCBen oder Dioxinen.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, bei Onfruchtbarkeet, ob bei Mann oder Fra, spille wëssenschaftlech nogewisen och Schwéiermetaller wéi Quecksëlwer, Zënn a Koffer eng Roll, eng maassgeblech Roll. Schonn ufanks den 90er Joren huet zum Beispill op der Universitätsklinik Heidelberg am Beräich Gynäkologie an Endokrinologie eng Professech nogewisen, datt Fraen, déi keng Kanner konnte kréien - an dat houg just un de Fraen, et houg net un de Männer an deene Fäll, dat waren e puer honnert Fraen -, haaptsächlech quecksëlwer-, koffer- an zënnbelaascht waren, wa se ganz vill Amalgam am Mond haten. An da si se bei deene Fraen higaangen a si hunn dat erausgeholl a si hunn eng Ausleedungstherapie gemaach. An no där Therapie, e Joer, annerhalleft Joer duerno, hunn de Gros vun deene Fraen e Kand kritt, ouni Hormontherapie. Dat heescht, et gëtt also Méiglechkeeten, wann ee preventiv wëllt virgoen, da gëtt et och iwwert dee Wee Méiglechkeeten, de Fraen zu engem Kannerwonsch ze verhëllefen.

Et geet also, Dir Dammen an Dir Hären, sécherlech ëm déi schnellst a beschtméiglech Fuerderung vu Fuerschung am Beräich vun der kurativer Reparaturmedezin am Intérêt vun haut dramatesch erkrankte Matmënschen. Dozou sti mir! Et soll een déi eng Saach net géint déi aner ausspillen, mä ech bréngen ëmmer erëm déi eng Saach awer och mat an d'Spill.

Mä déi Gréng europawäit verlaangen ëmgekéiert awer och, datt endlech vu Preventioun net nëmme geschwat gëtt, mä datt endlech och bei enger verstärkter Ursaachefuorschung Neel mat Käpp gemaach ginn. Wann d'Ursaache vu schwéieren, haut onheelbare Krankheete bekannt sinn oder zumindest verstärkt Indizië bestinn, missten dann net vill méi staark wéi bis elo de Principe de précaution an eng seriö Ëmwelt a chemikaliëbezunne Preventioun wierksam ginn, fir et esou wéineg wéi méiglech iwwerhaupt zur Entstehung vun esou Erkrankungen wéi Parkinson, Multiple Sklerose, Allergien, Onfruchtbarkeet an esou viru kommen ze loossen?

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech elo net déi zwou Saache géinteneen ausspillen, mä et muss drëm goen, fir engersäits am Intérêt vun deem eenzelne konkret Kranke vun haut ze kucke méiglechst him ze hëllefen. Dofir soll een och fuerschen, fir nei Weeër ze goen. D'Stammzellefuerschung kann esou een neie Wee sinn. Mä et misst vill méi gefuertscht ginn, besonnesch vun der öfentlecher Hand, europa- a weltwäit iwwert d'Ursachen do dervun, an da missten d'Politiker weltwäit emol endlech de Courage hunn, fir d'Chemikalien, wou kloer nogewisen ass, dass déi déi dote Schied

uriichten, ze reduzéieren oder fir se carrément vum Marché ze huelen.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, waren e puer méi prinzipiell Iwwerleungen, déi a mengen Aen awer absolut wichteg an onverzichtbar sinn. Si hunn allerdéngs näischt ze dinn elo mat deem konkret hei virleiende Projet, ech hunn dat ganz am Ufank gesot, och näischt mam Rapport vun der honorable Madame Mutsch. Mir sinn also dofir ganz kloer der Meenung, datt een déi Ëmsetzung hei vun dëser Direktiv roueg soll maachen. Et ass jo den éischte Schrëtt. An ech hoffen - ech hat dat am Ufank gesot -, datt mer awer wirklech geschwënn a Richtung gi vun enger Gesetzgebung iwwer Bioethik och hei am Land.

An, Här Minister, et ass an der Kommissioun gesot ginn, jo, mä do géif emol nach guer näischt virleie vun iergendengem Projet an déi dote Richtung. Ech mengen, et ass dréngend - an de Comité national d'éthique, dee seet jo datselwecht -, dass mer endlech esou eng Gesetzgebung kréien. A wann Dir Schwierigkeeten an Ärem Ministère hutt, fir vläicht méi schnell an deem Sënn ze schaffen, da wiere mir als Gréng déi Éischt, déi lech géifen ënnerstëtzen, fir méi Personal an déi Administratioun do eranzekréien, fir datt et do géif virgoen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Huss Merci an als nächste Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, och vu menger Säit Merci un d'Rapporteuse, déi eis alles hei am Detail virgeluecht huet. Ech hale mech un dat, wat hei eng Kéier vu kompetenter Säit gesot ginn ass. Ëm wat geet et hei?

Här President, et gëtt Zellen an Zellen. Et gëtt déi ganz butzeg a ganz komplizéiert, aus deene sech de mënschleche Kierper zesummesetzt, an et gëtt déi méi grouss, an déi de Mënsch agespaart gëtt, wann hien eng Déck komme gelooss huet. Gëschter hu mer iwwert déi lescht geschwat, haut schwätze mer iwwert déi éischt, am Kontext haaptsächlech vun Iwwerdroung vu mënschlechen Zelle vun engem Organismus op deen aneren.

Et ass, wéi zu Recht gesot ginn ass, e ganz technesch Gesetz, wou et virun allem ëm d'Sécherheet, ëm d'Prozedur geet, fir deene Leit, déi domat ze dinn hunn, déi dovu beträff sinn, souwuel als Spender wéi als Empfänger, awer och déi, déi domat - e bësse banal gesot - hantéieren, dat heescht déi, déi um medezinesche Plang domat ëmginn, e gesetzleche Kader ze ginn, eng gesetzlech Basis ze ginn, op där se kënnen virgoen.

Mir setzen hei eng europäesch Direktiv ëm, och dat ass scho gesot ginn. Dat ass positiv, also eng manner, déi hei zu Lëtzebuerg en suspens ass. Och dat muss een da begreissen.

Här President, op deem ganze Gebitt ass enorm viles an Evolutioun. D'Fuerschung bréngt mat grousser Regelméissegkeet a grousser Rapiditéit - kann ee soen - ëmmer erëm nei Erkenntnisser. Erkenntnisser, aus deene sech Therapien entwéckele loosse. Therapien, déi, wéi mäi Virriedner gesot huet, ville Leit Hoffnung maachen; heiandsdo e bëssen zu Onrecht Hoffnung maachen, oder et erwaart ee sech dann, datt et méi séier geet.

Ech wëll och dat, wat de Kolleeg Huss hei gesot huet, mat zwou Hänn ënnersträichen. Natierlech muss mer alles maachen, fir deene Leit ze hëllefen, déi am Misär sinn. Et ass effektivt besuergnisserregend wann ee gesäit, wéi eng Partie Zivilisatiounskrankheeten ëm sech gräifen; ech wëll hei och den Diabetes Typ 1 bei de Kanner ufügen. Et mierkt een, datt viles net méi stëmmt, eppes wat mer fréier net kannt hunn. Et gëtt wahrscheinlech multipel Ursachen.

Allerdéngs muss een - an ech weess och vu wat ech schwätzen - sech heiandsdo woneren iwwert d'Liichtfankegkeet, mat där mer mat deene Facteuren ëmginn. De Kolleeg Huss huet hei vu Chemikalie geschwat, och vun deenen, déi an der Landwirtschaft agesat ginn - mir hu jo elo emol endlech eng REACH-Direktiv; wat dann doraus entsteet, wäerte mer emol gesinn -, mä wou awer och menger Iwwerzeegung no ganz, ganz vill Leit duerch den ongeschützten Gebrauch vu Chemikalien regelrecht an d'Messer lafe gelooss si ginn, ouni ze wëssen, wat se spéider am Liewe géif erwaarden als Folleg vun deem Ëmgang domat.

En anert Feld, Här Minister, ass dat vun der Belaaschtung vun eiser Ëmwelt mat elektromagnéitescher Strahlung, wat vill belächelt gëtt dobaussen. Et kann een dovun halen, wat ee wëllt, mä ech hunn dëser Deeg nach gelies, datt déi enorm vill Applikatiounen haut iwwer Laptop direkt op Internet an esou weider, ganz besonnesch do, wou vill Leit beienee sinn, déi gutt Zäit hunn, zum Beispill an de Flughäfen, déi dann iergendwéi während där Zäit schaffen, eng enorm Belaaschtung ass.

Ech kann lech nëmmen eent soen: Ech war d'lescht Joer - an ech profitéieren hei vun dëser Tribün fir ze soen, wéi skandaliséiert ech war - an enger Konferenz gewiescht, déi Akut organiséiert hat am Zesummenhang mat där Strahlung. Do huet e Professer vu Saarbrécken e ganz kompetente Virtrag gehal. Et muss ee jo net alles da fir boer Mënz huelen, mä de Mann huet probéiert wirklech sachlech seng Fuerschungsergebnisser an och déi vun aneren duerzeleeën. Zweek Deeg drop war an enger grousser Zeitung hei zu Lëtzebuerg eng ganz Säit, wou dee Mann auserneegeholl ginn ass, wéi wann et dee leschten Eefalt wär!

(**Interruption**)

Ech sinn op den Internet gaangen an hu mer ugekuckt wat d'Referenze vun deem Professer wäeren. Dat ass remarquabel. Wéi gesot, et muss een net alles fir boer Mënz huelen. Mä ech war skandaliséiert wéi deen an där Zeitung do op enger ganzer Säit auserneegeholl ginn ass, wéi wann et dee leschten Eefalt wär: d'Leit an d'Panik dreien an esou weider an esou fort.

Här President, ech hunn e Lieserbrëif geschriwwen, wou ech gesot hunn, ech wär skandaliséiert wéi dee Mann do géif behandelt ginn. An da sollt den Auteur vun deem Artikel d'Viséier néierloossen an och emol seng Kompetenzen ofeleeën; déi vun deem anere wäre jo bekannt. Null Reaktioun! Esou e Brëif gëtt hei zu Lëtzebuerg net publizéiert.

An et ass dat, wat de Kolleeg Huss gesot huet: D'Intérêt vum der Industrie, déi priméieren hei virum Intérêt vum der Allgemengheet. Här Minister, do ass d'Regierung gefuerdert. Ganz kloer!

D'Schwäiz huet, wat d'Antennen ubelaangt, en nationale Plang gemaach wou d'Antennen opgestallt ginn: do wou d'Belaaschtung fir d'Agglomeratiounen am geréngsten ass. Hei zu Lëtzebuerg: Ech kommen aus enger Uertschaft, wou deen ee Bedreier d'Antenn uewen um Bierg stoen huet, wäit ewech vun den Uertschaften, an deen aneren huet seng 50 Meter niewent der Spillschoul op en Daach gesat. Dat si Saachen, do kommen ech éierlech gesot net méi mat. An do musse mer eis ganz seriö Gedanken driwwer maachen.

Et kann een dovun halen, wat ee wëllt. Mä fir mech, an do ënnerstëtzen ech och dat wat de Kolleeg Huss gesot huet, do ass de Principe de précaution dat lewescht. Mir kënnen net mat de Mënschen experimentéieren a wa mer de Misär hunn, dann huele mer d'Wëssenschaft an all méiglech nei Entwécklungen zur Hëllef, wat schrecklech vill Geld kascht, fir dann dat ze reparéieren, wat muttwëlleg u Schued ugericht ginn ass.

Dat gesot, wëll ech awer hei den Accord zu dësem Gesetz bréngen, wat, wéi gesot, méi en technesch Gesetz ass, wat all deene Leit, déi op deem Terrain operéieren, de gesetzlechen a juristesche Kader gëtt, dee se brauchen, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Mehlen Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, fir déi Messagen iwwert d'Noutwendegkeet vun der Preventioun och nach eng Kéier hei verstärken ze kënnen. Ech mengen, et ass selbstverständlech ëmmer besser, dass ee virsurgt an dass een net brauch ze heelen. Dat schéngt mer eng Evidenz ze sinn. An ech mengen, et ass och eng Evidenz, déi sech ëmmer méi duerchsetzt.

Dat ännert awer näischt dorun, dass mer bei där beschter Preventioun och ëmmer weiderhi Leit wäerten hunn, déi krank ginn, an dass mer de Fortschrëtt, fir deenen, déi krank sinn, ze hëllefen, net sollte bremsen, en awer an déi richteg Bannen eraféieren. Ech mengen, dat ass de Sënn vun dësem Gesetz, fir méi Rechtssécherheet ze ginn, fir eng ganz Rei vu Kritären ze schafen, fir

am Endeffekt dem Patient, ëm deen et geet, e Maximum u Sécherheet ze ginn, dass déi nei Moyer fir Therapien no Kritären geschaaft ginn, stockéiert, tracéierbar sinn, déi also am Intérêt vum Patient sinn.

Et ass richteg, dass dat heiten en éischte Projet ass vun enger Serie vu Projeten, déi an der Instruktioun sinn. Schwierig Projeten, déi net nëmmen technesch Natur sinn. Hei geet et net nëmmen ëm e reng technesche Projet, mä et geet ëm e Projet, dee méi Rechtssécherheet bei dëse Produkter, déi vum Mënsch stamen, schaaft. Fir en als reng technesche Projet ofzedinn, wär em sécher keng Genüge gedoen. Et ass eng ganz komplex Matière.

Well se eben esou komplex ass, brauch se och hir Zäit. Dat gesäit een un dësem Projet, wou et ëm eng Transpositioun vun enger Direktiv geet. Eng Direktiv vum 31. Mäerz 2004, wou mer eis ganz vill Méi ginn haten, fir de Projet séier ze deponéieren. De Projet ass schonn am November 2004 deponéiert ginn. Den Avis vum Statsrot - de Statsrot huet sech d'Saach also net einfach gemaach - ass e gutt Joer méi spéit komm. Mir hunn och an der Instruktioun mat den Amendementer nach eng gewëssen Zäit gebraucht, fir de Projet da prett ze maachen.

Et ass ee Projet vun enger Serie vu Projeten, wéi de Projet betreffend d'Recherche biomédicale, d'Konventioun vun Oviedo begräift, an, e bësse méi wäit no vir gekuckt, och dee Projet, dee mer eis virgeholl hunn, fir d'Procréation médicalement assistée ze begleeten. Déi gehéiert also och zu där doter Serie vu Projeten.

Während de Projet iwwert d'Recherche biomédicale an deen iwwert Oviedo ganz wäit an der Prozedur sinn, awer net ouni Froen opzewerfen, ass deen iwwert d'PMA an den Ufäng, well mer bis viru kuerzem éischter der Meenung waren, dass mer géife mat enger minimaler Législatioun auskommen. Dat war och, mengen ech, net onlegitim. Zënter mer awer den Zentrum fir d'PMA hei zu Lëtzebuerg hunn, deen och iwwert eng Genehmegung vum Minister fonctionnéiert, si mer zur Iwwerzeegung komm, dass et gutt ass, all Elementer vun der Procréation médicalement assistée ze regelen.

Dat ass awer net nëmmen eng Saach vun engem Projet, deen de Gesondheitsministère einfach esou stréckt, mä dat ass eng Affär, wou ganz vill juristesche an ethesche Froen opgeworf ginn. Dofir wäert um interministerielle Plang mussen doru geschafft ginn. Mir hunn an der Zwëschenzäit eng Bestandsopnahm gemaach vun all deene Froen, déi sech am Zesummenhang vun der Procréation médicalement assistée stellen. Do brauche mer dann och d'Hëllef vun de Kolleegen aus deenen anere Ministère, aus deenen anere Verwaltungen, fir eppes ze schafen, wat eben d'Waasser hält, an net eppes ze schafen, wat herno méi Problemer opwerft, wéi mer der léisen.

Eng vun deene Froen, déi zum Beispill geléist musse ginn, oder wou mer eng Äntwert musse fannen: Wie kënnst a Fro fir d'Procréation médicalement assistée? Wie ka sech dofir ubidden? Do stelle sech eng ganz Rei vu gesellschaftspolitesche Froen. Ech brauch lech se net ze molen. Dir wësst alleguer, ëm wat et geet.

Dee Projet, ëm dee mer eis haut bekëmmere, begräift eng Matière, déi a voller Expansioun ass. Milliounen Leit an Europa, an der Welt kréien Applikatiounen an deem dote Beräich, ouni dass se et elo direkt gesinn a mierken. Mä et ass e Beräich, dee sech ganz staark entwéckelt an deen och eng ganz Rei vu Chancë bitt, besonnesch an dem Beräich vun de kardiovaskuläre Problemer, ënner anerem och bei den degenerativen Krankheeten, ënner anerem bei der Orthopädie an, an, an, an. Ech ginn iwwer Phenomeener ewech, déi zur Genüge bekannt sinn.

Dir wësst aus dem Rapport, deem exzellente Rapport vun der Madame Mutsch, dass déi Produkter, déi hei viséiert sinn, ënner anerem Härezklappe sinn, ënner anerem Gewebe, ënner anerem Oderen, Muskelen an, an, an, an, an. An och Applikatiounen vun Zellen, esou dass et wirklech net en onkomplexe Phenomeen ass.

Fir der Komplexitéit Rechnung ze droen, mussen also an deem heite Gesetz eng Rei vu Konditiounen gestallt ginn, wéi d'Entnahm vun dem Basismaterial geschitt. Hei - anescht wéi bei deem viregte Projet - handelt et sech ëm e bësse manner komplex Entnahmen, well se normalerweis als Déchet um Operatiounsdësch entstinn respektiv nodeem den Doud vun engem Patient do ass, an eréischt da weiderverschafft ginn zu deem Material, dat an der Medezin brauchbar ass.

Et stelle sech awer Froe bei der Entnahm. Et stelle sech Froe bei der Qualifikatioun vun deene Leit, bei de Mindestkonditiounen, déi déi Betriber mussen erfüllen. Et stelle sech Froe vun der Traçabilitéit vun deene Produkter: Wou komme se hier, wann eng Kéier e Problem géif entstoe bei de Leit, déi dovu profitéiert hunn? Et stelle sech Froe bei der Selektioun vun den Donneuren. Et stelle sech Froe beim Stockage vun de Geweben a vun den Zellen, an déi Froe brauchen eng Äntwert, fir déi noutwendeg Sécherheet kënnen ze garantéieren.

Mir hunn, mengen ech, mat deem heite Projet de Gros vun deene Froe beäntwert.

Ech wëll awer och direkt soen, dass et net esou ass, dass, wann dee Projet hei elo gestëmmt ass, mer da schonn am Hanner-dreiwe wären, fir zwou weider Direktiven ze transposéieren. Richteg ass, dass zwou weider Direktiven unhängeg sinn, mä dass mer déi parallel zu dësem Projet wäerten ëmsetzen. Wann dëse Projet gestëmmt ass, gi mer gläichzäiteg de Feu vert fir déi zwee Reglementer, déi déi zwou nächst Applikatiionsdirektive wäerten ëmsetzen.

Dat heescht also - dee Procédé wollt ech dem Alexandre Krieps soen -, déi Transpositioun vun deenen zwou aneren Direktive geschitt parallel iwwer Reglement. Do brauche mer keng Gesetzter ze stëmmen. Wa mer dat heite Gesetz gestëmmt hunn, transposéiere mer automatesch iwwer Règlement grand-ducal op der lwwerhuelspur déi zwou aner Direktive mat, esou dass mer eis keng Gedanke brauchen doriwwer ze maachen.

Ech mengen, et sinn eng Rei vun ethesche Froen am Zesummenhang vun der Stammzellefuerschung hei opgeworf ginn. Mir wäerten nach vill Geleeeënheet an der Chamberskommissioun an hei hunn, fir doriwwer ze diskutéieren.

Et gëtt ëmmer esou gemaach, wéi wa Lëtzebuerg an der Stammzellefuerschung, och an der embryonaler Stammzellefuerschung, eng Hinterweltlerpositioun géif anhuelen, déi net géif dat respektéieren, wat sech awer u Fortschrétt mécht.

Ech wëll dat awer ganz staark nuancéieren, well déi, déi eis Positiounen um europäesche Plang mat verfollegt hunn, déi hu gesinn, dass an deenen europäesche Positiounen eng ganz staark Evolutioun an der Lëtzebuurger Positioun war. Wann et richteg ass, dass mer bis virun dräi Joer am Lager vun deene Länner waren, déi all Ouvertür, awer wierklech all Ouvertür um europäesche Plang blockéiert hunn, hu mer zënter deem leschte Joer eng méi oppe Positioun an deem dote Beräich geholl. Ënner verschiddene Konditiounen ass Lëtzebuerg am Lager vun deenen, déi eng virsiichteg Approche an der embryonaler Stammzellefuerschung anhuelen.

Duerfir bleiwe mer awer hei um Lëtzebuurger Plang der Meenung, dass een do extrem virsiichteg soll sinn, well wann een déi doten Zort vu Fuerschung mécht, geet et net nëmmen duer, dass ee se ulackelt, mä et muss ee sech och d'Moyenë ginn, fir all déi Konditiounen ze schafen, fir déi Kontroll ze maachen.

Et muss ee soen, wann et ee Beräich gëtt, wou mer müssen op eng europäesch Zesummenaarbecht setzen, fir och déi Kompetenz ze kréien, fir wierklech Resultater, dann ass et deen heite Beräich. Déi heite Fuerschung mécht een net an den Hannerhäff an et mécht ee se net a klenge Garagen. Dofir brauch een déi Kompetenz net nëmmen an der Fuerschung, mä och an der Kontroll, well wa mer déi éischte Kéier mat engem Phänomeen an déi grouss Öffentlechkeet géife kommen, dass mer net eisen lwwerwaachungsflichte géife Rechnung droen, da géif dat eis wäit zrëckgeheien.

Ech mengen, dass och an deem dote Beräich eng Evolutioun an der Denkweis ass, esou wéi a ganz villen anere gesellschaftleche Froen. Ech mengen och, dass déi Evolutioun iwwer all Bänke sech mécht an dass een där Evolutioun soll eng Chance ginn, fir se d'selwecht ze traitéieren, wéi déi Diskussiounen, déi mer um Gesondheetsplang de Mëtteg gefouert hunn, mat engem offene Geescht, an net kantonéiert a Schützegrief - dat notzt eis méi, wéi wa mer eis hei géigesäiteg Gesënnungsprozesser maachen.

Dat hei ass ee Gebitt, wou een dru gewënnt, wann ee sech an d'Déift eraschafft an net eleng deenen iwwerflächlechen Argumenter Rechnung dréit.

Ech wollt der Chamberskommissioun ee ganz häerzleche Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht op deem heite komplexen Dossier. An ech wollt och deene Leit, déi eis hei begleet hunn - une fois n'est pas coutume - an dorënner dem Raymond Mousty, e ganz häerzleche Merci soe fir déi Kompe-

tenz an déi Gedold, déi se an deem heiten Dossier matbruecht hunn. An esou komplexen Dossieren ass d'Gedold eppes ganz Wichtiges, well hei ass et ëmmer wichteg, dass een dat Richtegt mécht an net iwwerschnell reagiert.

Voilà, dat gesot wëll ech zur Resolutioun net Stellung bezéien, well den Alexandre Krieps gemengt huet, dass sech anerer domat sollen auserneesetzen.

Villmools Merci fir déi gutt Diskussioun.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Minister Merci. Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5448. Den Text steet am Document parlementaire 5448 .

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5448 ass ugeholl gi mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Clement), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Martine Stein-Mergen) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par Mme Claudia Dall'Agnol), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Emile Calmes), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Résolution

Dann hu mer nach hei eng Resolutioun, déi vum honorabelen Här Alexandre Krieps eragi ginn ass. Déi dréit bis elo nëmmen eng Ënnerschrëft. Wëllt dozou een d'Wuert huelen? Den Här Fayot huet d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, déi Resolutioun ass interessant, och well se eng ganz Partie Saachen opzielt, vun deenen de Minister och elo just geschwat huet. Ech mengen, et ass absolut derwäert, dass ee sech Gedanken iwwert déi Sujete mécht, déi an der Resolutioun ugeschwat ginn. Ech mengen awer, dass een dat och soll zesumme mat der Regierung maachen, net wéi den Här Krieps gesot huet, dass mer kee Vertrauen an d'Regierung hunn.

Ech mengen, et soll een déi Resolutioun vläicht un d'Kommissioun zrëckverweisen, fir dass do eng seriö Diskussioun iwwert déi Punkte stattfënnt, déi jo och heimadder ugeschwat sinn. Merci.

» **M. le Président.** - Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Jo, ech géif mech deem, wat den Här Fayot gesot huet, uschlëssen. Mir wäerte ganz sécher iwwert dee Sujet vun der Stammzellefuerschung an der Kommissioun an och mam Här Minister ze diskutéiere kréien, wa mer iwwert déi zwee Projekte weider diskutéieren a weider dorop schaffen. Duerfir si mir der Meenung, dass dat hei net d'Plaz ass, fir déi Resolutioun hei esou an deem Fong ze stëmmen. Mir droe se net mat.

» **M. le Président.** - Den Här Mehlen huet d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här Presi-

dent, och mir sinn der Meenung, dass een net hei einfach aus dem Stegreif kann esou eng schwerwiegend Décisioun huelen. Well hei wier d'Décisioun scho gefall. Mir mengen och, dass een effektiv sech soll Zäit huele fir dat zesumme mat der Regierung ze diskutéieren an dann déi entspreichend Konklusiounen ze zéien.

» **M. le Président.** - Den Här Huss.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech muss soen, dass eis dat, wat hei an där Resolutioun drasteet, u sech ganz sympathesch erschéngt. Mä ech fanen et awer wichteg, dass mer dat wierklech net elo hei am Hauruckverfahre maachen, well et jo wierklech awer ëm seriö Froe geet, zum Beispill d'Fro zwëschent adultë Stammzellen an embryonale Stammzellen, an do soll gekuckt ginn, wat sinn d'Virdeeler, wat sinn d'Nodeeler vun deenen engen a vun deenen aneren.

Vun deene Grénge war ni eng prinzipiell Haltung géint de Gebrauch vun embryonale Stammzellen. Et war éischter gesot nach ëmmer eng Haltung, déi gesot huet, mer sollen emol kucke prioritär op den adultë Stammzellen ze fuerschen. Mir hunn net am Ënnerscheid zu engem gewëssenen Här zu Roum eng prinzipiell oflehrend Haltung par rapport do derzou.

Also fir eis sinn et net reliéis Grënn, déi kënnen ausschlaggebend sinn, mä virun allem den Erfolleg an d'Heelung vu Kranken. A wann dat iwwert déi Stammzelle besser géif goen, da wier ech der Meenung, dass do keng dogmatesch reliéis Virstellungen dierften eng Roll derbäi spillen. Mä ech mengen awer, dass et wichteg ass, dat ganz serein an der Kommissioun ze diskutéieren. Mir ënnerstëtzen also déi Propositioun fir et an d'Kommissioun ze iwwerweisen.

Ech wier awer der Meenung, dass dat net soll op de Sanktnimmerleinstag da vertagt ginn, mä dass mer relativ fréi sollen ufänken doriwwer ze diskutéieren.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Mir hunn hei elo eng Propositioun, fir déi Resolutioun an déi zoustänneg Kommissioun ze verweisen. Ech géif dem Auteur vun der Resolutioun d'Wuert ginn.

» **M. Alexandre Krieps (DP).** - Ech soen lech, menge Virriedner, villmools Merci, dass Der akzeptéiert, fir dass dat ebe mindestens an d'Kommissioun kënn. Ons Propositioun war fir déi zwou nächst Gesetzgebungen ze amendéieren, fir dat ze integréieren.

Ech wëll natierlech, Här President, net misse fäerten elo, dass, wann déi zwee nächst Gesetzter ugeholl sinn, et da geet wéi den Här Huss gesot huet, da komme mer 2075 dorobber zrëck.

(Hilarité)

Dat wär mer net léif.

An ech versprechen lech eppes, Här President, ech wäert deen do Dossier am A behalen an dann noutwendegerweis heihinner zrëckkommen.

Ech soen lech Merci.

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Den Här Krieps ass also, wann ech dat richteg verstanen hunn, mat der Propositioun d'accord. Här Krieps, Dir bräicht allerdéngs nach véier Ënnerschrëften. Kee Problem. Domat sinn dann och déi véier Ënnerschrëften do an déi Resolutioun géif domadder an déi zoustänneg Kommissioun verwise ginn. Da kéime mer elo nach zu engem nächste Punkt.

8. Formation et composition d'une Commission des Comptes

An hirer Réunioun vun haut de Moien huet d'Presidentekonferenz virgeschloen, eng Kontekommissioun anzusetzen. Als Membere vun där Kontekommissioun gi virgeschloen:

- vun der CSV-Fraktioun, d'Madame Marie-Josée Frank an déi Hären Norbert Hauptert, Gilles Roth a Lucien Thiel;

- vun der LSAP-Fraktioun, déi Här Marc Angel, John Castegnaro a Roger Negri;

- vun der DP-Fraktioun, déi Hären Emile Calmes a Carlo Wagner;

- vun der Fraktioun vun deene Gréngen, den Här Camille Gira; an

- vun der ADR, den Här Robert Mehlen.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Den Här Grethen huet d'Wuert.

» **M. Henri Grethen (DP).** - Här President, ech si selbstverständlech als President vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes mat där Propositioun a mat där Décisioun avers-tanen. Ech wollt lech awer bieden, da gläichzäiteg och den Numm vun der Kom-missioun vum Contrôle vun der Exécution budgétaire ze änneren an „et des Comptes“ ze sträichen.

» **M. le Président.** - Dat ass eng exzel-lent Suggestioun. Ech mengen domadder ass jiddferen d'accord, esou dass den Numm dann och domat ëmgeännert wär.

9. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun eisen Diskussiounen fir haut ukomm. Haut de Moien huet d'Presidentekonferenz iwwert den Ordre du jour vun der nächster Woch beroden a Folgendes proposéiert:

D'Chamber siégéiert also en Dënschdeg, den 10. Juli, um 3 Auer; e Mëttwoch, den 11. Juli, moies um 9 Auer an nomëttes um hallwer 3; an en Donneschdeg, den 12. Juli, och moies um 9 an nomëttes um hallwer 3.

Den Ordre du jour presentéiert sech folgen-dermoossen:

- En Dënschdeg de Mëtteg fir d'alleréischt de Projet de loi 5647, en Ofkommes iwwert d'Zesummenaarbecht an de Grenzregiou-nen, nom Basismodell; zweetens de Projet de loi 5737 iwwert d'Asylrecht, nom Basis-modell; an drëttens de Projet de loi 5654 iwwert de Bau vun engem Centre de Réten-tion, nom Modell 2.

- E Mëttwoch de Moien éischstens de Projet de loi 5627 iwwert d'Marchés d'instruments financiers, nom Modell 1; duerno all déi nächst Projekte jeeweils nom Basismodell: de Projet de loi 5697, eng UNO-Konventioun géint d'Korruptioun; de Projet de loi 5571 iwwert d'Police; de Projet de loi 5019 iwwert de Code pénal; de Projet de loi 5679 iwwert d'Magistraten; de Projet de loi 5670 iwwert d'Douane; de Projet de loi 5570, e Sozialof-kommes tëschent Lëtzebuerg a Frankräich; an de Projet de loi 5705, e Sozialofkommes tëschent Lëtzebuerg a Marokko.

- E Mëttwoch de Mëtteg de Projet de loi 5605 iwwert de Marché vum Stroum; dëst zesumme mam Projet de loi 5606 iwwert de Marché vum Gas, dat alles nom Modell 3.

- En Donneschdeg de Moien éischstens eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der Fraktioun vun deene Gréngen iwwert den Zoustand vun eise Bëscher; dann de Projet de loi 5366 iwwert d'Zirkulatioun op den öffent-leche Weeër, nom Modell 1; de Projet de loi 5709 iwwer Lärmbelästegung op de Flughä-fen, nom Modell 1; a véiertens d'Question avec débat N°24 vum Här Marc Angel iwwert d'Adoptivrecht.

- En Donneschdeg de Mëtteg fir d'éischt eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der LSAP-Frak-tioun iwwert den Enseignement vun de Sproochen; dann de Projet de loi 5634 ze-summe mam Projet de loi 5635 iwwert déi europäesch Breveten, nom Modell 1; dann de Projet de loi 5714 iwwert de Code du Tra-vail, nom Modell 1; dann de Projet de loi 5715 iwwer ee Comité d'entreprise euro-péen, nom Basismodell; de Projet de loi 5554 iwwert den Dateschutz, och nom Mo-dell 1; dann d'Motioun vum Här Lucien Cle-ment iwwert d'„public private partnership“; a schlussendlech, fir déi Séance ofzeschlë-sen, nach eng Rei vun Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.19 heures)